

Nationalismus?!

Nationalismus an Nationalist . . . zwee Wüerder, déi een haut grad esou gär plazeweis an de Kapp gehäit kritt ewéi Faschismus. Ower wat as am Fong en Nationalist? Wat war en Nationalist an der Zäit? A watfir enger Zäit? Nationalismus wéi en „an der Zäit“ hei bestanen huet, as 1980 ganz einfach nët méi „in“ = „an der Zäit“ . . . eng Wuurtspillerei, déi ower ewell eng Stäip bis op de Fong vum Begrëff huet.

Bis 1815 huet esou zimlech jiddereen „äis“ an de Sak gestach, deen et gebass huet, fir Kaméidi mat deem ze kréien, deen äis den Ament an der Täsche hat. Mir sin ouni laang Féischte mat den Hollänner, Flamänner a Walouner an eng Feierstengszalot gehäit gin, déi laang als „Pays-Bas“ op der Menü-Kaart um Dësch vum europäescher Geschicht stong! Fir d'Fransouse si mir an der Revolutioun erëm an de Bësch gesat gin (Département des Forêts) . . . do sitze mir nach haut, wann . . . an do wire mir och haut vläicht fir deen een oder anere méi kamoud! Quetschen och!

Et as naiv, fir ze froen, firwat „mir“ äis déi Zäit nët gewiert hun; wéi dann, a mat wat . . . a firwat? Et war iwerall beim aarme Jang; de Mo huet zevill gezun, fir datt de Kapp sech mat anere Saache sollt ofgin. Fir eng déck Kläpperei wir et duergaang; ower eng „Revolutioun“ brauch Käpp an Organisatioun; frot eis Geschicht-Spezialisten: dat as et hei nët gin, bis op en etlech Klatzkäpp an e puer Käpp, déi nët u Revolutioun geduecht hun.

Et kann ee sech froen, firwat déi grouss Stëppel-, Schnëppel a Wëppelmeeschteren vum Wiener Kongress (1815) „äis“ am Fong geholl eng extra Wurscht gebroden hun. Firwat si mir deemools nët eeriicht mat an deen „niederlännesche“ Gelli verschafft gin. Den Oranesche Wëllem I. krut äis perséinlech, souzesoen als Schuedi bei säi Kiirmeskuch; e Kuch, vum deem him em 1830 e Stéck an den Hals geruscht as . . . an de „Schuedi“ huet sech gutt gemaach; e gouf haartstrëcheg . . . a



MICHEL LENTZ

wann de Wëllemen hir Koséng vum Nassau-Weilburg duerch d'Hausgesetz vum deer Dynastie de „Schuedi“ nët kritt hätten, da wir haut d'Kinnegin Beatrix eise Chef . . . och! Näischt géint keen, ower mir hu léiwer eisen, an eise fir äis!

An eis Sprooch dodran? Ma wéi duerch en Zoufall begéine mir just och am Ufank vum leschte Jorhonnert déi éischt geschriwen Zeië vum Lëtzebuergeschen. Doudsëcher nët emsoss fanne mir och vum do un iwerall eis Sprooch, wou et em Lëtzebuerg als Land an d'Lëtzebuenger als „Natioun“ geet: sief et bei der belscher Revolutioun, déi gebruckt huet, wéi den Tun Meyer 1829 dat éischt Buch op Lëtzebuergesch erausguf . . . sief et fir eise Kapp an de Réckstrank no bausen ze stäipen (Feierwon) . . . sief et an der Zäit, wou d'Preisen an d'Fransousen sech wéinst eiser gekëddelt hun (Rodange/Renert) . . . sief et, fir äis géint d'Fransousen, d'Belsch an d'Preisen ze wieren (Siggy/„Lëtzebuerg de Lëtzebuenger“) . . . sief et, fir de gielen Drecksvullen eng dropzegin (10. Oktober 1941). Hei weist sech klor an einfach, datt eis Sprooch en Haaptelement vum eisem „Nationalgefill“ as; egal wat a wéivill een elo vum „national“ a vu „Gefill“ hält!

Nationalismus 1830/39 – 1859 – 1867 – 1919 – 1941 . . . an 1980; dat huet vill Gesiichter. Mir brauchen haut nët méi ze fäerten, datt een äis an de Sak stëcht, wéinstens nët wéi soss. Dofir solle mir ower och bei all Respekt a Bewonneren nët mengen, mir missten eist eegent Gesiicht, eis Sprooch an e verstänneg verstanenen Nationalismus opgin, fir bei desen oder deen un d'Auerketten kënnen zéien ze goen . . . un den Zären hu mir souwisou näischt ze réckelen! l.r.

